STAD DIKRICH
NATIIRLICH FIR EECH DO!
www.diekirch.lu

NEWSLETTER ABRËLL 2026

SCHANTERCHER

Padel-Terrain

Vum Abrëll u sinn elo déi zwee nei Padel-Terrainen an der rue Merten fäerdeg. Dës kënne scho ganz geschwë vun allen Interesséierten aus der Nordstad genotzt ginn. Mir wäerten Iech informéiere soubal een d'Felder fir de Padel reservéiere kann.

Cité Militaire

An der *Cité Militaire* ass Mëtt Abrëll de Schantje fir de Bauprojet vu 6 neien, méi klenge Gebaier mat abordabele Wunnengen an engem richteg grousse Gebai *à usage mixte* an eng nei Phas iwwergaangen. Nodeem déi al Militärwunnengen an de Joren 2023/24 ofgerappt goufen, gëtt elo d'Waasser, de Kanal, d'Elektresch an d'Fernwäermt fir déi nei Gebeier an de Buedem geluecht. Déi provisoresch Parkplazen an der Cité Militaire bleiwen nach bis op Weideres bestoen.

FESTER & EVENTER

Sécherheet am Alter

Den **2. Mee** mëttes um **16 Auer** invitéiert d'Kommissioun fir Soziales an den 3. Alter an de Festsall vun der Grondschoul op en Informatiounsnomëtteg, wou et ëm d'Sécherheet am Alter geet. D'Senioresécherheetsberoder vum Kompetenzzenter GERO klären op iwwer Tricksereien a Gangstereien, déi den eelere Leit d'Suen aus der Täsch sollen zéien. Zil vun der Versammlung ass et d'Sécherheetsgefill vun den eelere Matbierger ze stäerken.

GetBrainHealthy

D'Kommissioun fir Soziales an den 3. Alter freet sech och matzedeelen, datt d'Team vu GetBrainHealthy vun der Uni Lëtzebuerg dëst Joer 3 mol mat Atelieren op Dikrich kënnt. Bei dësen interaktive Workshoppen, déi an 3 Sprooche stattfannen, gëtt ee geléiert, wéi ee ka proaktiv eppes Guddes fir säi Gehier maachen. Déi 2 éischt Atelieren op Franséisch a Portugisesch sinn den **12. an 20. Mee** am Festsall vun der Grondschoul, all Kéier vun **18-20 Auer**. Dee leschte Workshop op Lëtzebuergesch ass de **6. Juni** moies vun **10-12 Auer** op der selwechter Plaz. D'Invitatioun riicht sech u jonk Leit an déi, déi nach berufflech aktiv sinn. D'Plaze si limitéiert. Dofir soll ee sech umellen iwwer de QR Code am Bild op der Säit.

Luxembourg Museum Days

De **16. a 17. Mee** sinn d'Lumudays 2026, wou d'Muséeën am ganze Land gratis sinn. An deem Kontext hunn och déi Dikricher Muséeën nees speziell Animatioune virgesinn. Am Geschichtsmusée ass vu moies um 10 bis owes um 18 Auer eng Aktivitéit, wou ee vill Interessantes iwwer d'Réimer gewuer gëtt. Sonndes Moies ass och e kreativen Atelier vun der Illustratorin Samantha Stankiewicz zu der Thematik Réimer geplangt. Am Gäertche virun der Dier a ronderëm déi Al Kierch soll op deenen zwee Deeg mëttes e grousse Konscht-Event stattfannen. D'Artiste Lina Hédo, Aleksandra Ratkovic, Two Cans a Coopérations asbl vu Woltz huelen Iech mat an d'Welt vun der Konscht a suerge mat Live-Painting, Open-Air-Expo a Workshoppe fir vill Animatioun. An natierlech sollt een och vun der Geleeënheet profitéiere fir déi nei Ausstellung am Kulturhaus unzekucken. Hei kritt een en Abléck an d'Welt vum berüümte gepunkten Hond Pimpa. Den Ofschloss vum Lumudays-Weekend mécht sonndes um 17:00 e flotte Concert an der Aler Kierch mat de Musiker Maurice Clement an Alessandro Urbano.

Mikro-Mëttwoch

Nom Literatur-Mëttwoch lancéiert d'Gemeng am Mee, zesumme mam Geschichtsmusée MH[s]D, déi éischt Mikro-Mëttwoch-Serie. Am Géigesaz zu de Liesunge sollen heibäi méi labber Performancë stattfannen, wou eemol de Mount mëttwochs Gesang, Impro-Theater a Poetry Slam am Mëttelpunkt stinn. Als éischt wäerten den **20. Mee** d'Musiker Thomas Roland (*Maale Gars*) a Laurie Ndzana (*ZANA*) optrieden. Virun der Show hale si och e Sing & Songwriting Workshop of. All Informatiounen dozou fannt Dir op der Facebook-Säit vun der Ville de Diekirch.

KLIMANEWS

Poubellestuten

Am **Joer 2025** huet d'Gemeng Dikrich Poubellestute vu *We Think* mat engem Gewiicht vun **3.181 Kilogramm** benotzt. Domat wëll d'Gemeng bewosst op eng nohalteg Alternative setzen an aktiv zu enger signifikanter Reduktioun vum Asaz vun neiem Plastik bäidroen a seng Virreiderroll an der Nohaltegkeet ënnersträichen. D'Tute vu *We Think* bestinn zu 100% aus recycléiertem Material a féieren zu enger Reduktioun vun 78% CO_2 Emissiounen am Verglach mat Poubellestuten, déi aus neier Folie bestinn. Mat dem Beitrag vun der Gemeng Dikrich konnten am leschte Joer **570.025 Liter Waasser**, **47.969 kWh Energie**, **5.726 Liter Äerdueleg** a **15.809 kg CO_2** agespuert ginn.

→ D'**CO_2 Reduktioun** vu **15.809 kg** ass gläichzesetze mam Planze vu **632 Beem**.

INFORMATIOUN

DIKRICH TV | Um Infokanal, bei der Post an Eltrona
| All 3. Méindeg am Mount owes um 19 Auer eng nei Emissioun

NÄCHSTEN DEIWELSELTER (LU FR EN) | Mëtt Mee 2026 per Post an op diekirch.lu

VILLE DE DIEKIRCH
27, avenue de la Gare . L-9233 Diekirch
80 87 80 - 1 . commune@diekirch.lu
www.diekirch.lu